S1 & S2
Main Numm ass Marc Teusch, hun 38 Joer an schaffen zanter 10 Joer lo als Informatiksprof am L.T. Ettelbreck. Ech erlaaben mer hei, iech eis hackerspace initiatiiv vierzestellen an esou iech ze weisen, ween mer sinn a waat mer machen.
-----------------------------------

S3
De Numm hacker ass oft an der Press maltraiteiert ginn, sou dass d'Leit mengen, en hacker wier e Béisen, deen versicht an Systemer eranzekommen oder soss Schued unzeriichten.

Den hacker ass en Begrëff, deen een am Beschten iwersetzt, fier en ze verstoen. Tüftler, Bastler, bidouilleur, wei eis Noperen geingen soen, beschreift den hacker zimlech gudd. Et geet drëm, Technik nei ze erkennen an se aanescht zum Asaatz ze bréngen. Mee méi dozou e bessen méi spéit.
-----------------------------------

S5
Den hackerspace ass eng sozial Plaatz, wou sech Gleichgesënnter treffen fier gemeinsam Wëssen auszetauschen, an sou hier projet'en weiderzedreiwen. Mee et ass och eng Plaatz, wou nei Iddien Nährbuedem fannen, verréckt Bastelaarbechten entstinn an kreativ Denken gefuerdert gett.
-----------------------------------

S4
Fier esou projet'en ze maachen, wellen mier als syn2cat en hackerspace zu Lëtzebuerg grënnen an och bedreiwen. Dei Plaatz eben, wou den Bastler kann u sengen projet'en schaffen an daat an engem flotten a kompetenten entourage.
-----------------------------------

S6
* E puer Bespiller vun esou projet'en wier, ënner aanerem, den GRL. Dëss synergie vun Technik an Konscht huet et erlaabt, den Lasertagging oder Throwies ze erstellen.
* Den U23, waat eise projet ass, fier Jonker an engem kontrolléierten environnement un d'hacken erunzezéien, ass eng Initiatiiv, dei et Jugendlechen erlaabt, nei Horizonter an Erfahrungen ze erliewen an esou ënnert kompetenter Leedung Zougang zu moderner Technik ze hun.
* Eng Uwendung heifier ass den Jugendsummer 2009 zu Diddeleng, wou mer an Zesummenaarbecht vum CRIAJ Diddeleng während 2 Deeg Kanner zum Léiden opgefuerdert hun an daat mat groussem Succès.
-----------------------------------

S7
Mier hun hei en klengen Vidéo, wou een eis Aktivitéiten an 1 knapper Minutt geseit, dei mer zanter dem Februar dëst Joer schons gemaach hun...
-----------------------------------

S8
Fier lo nach eng Keier zesummenzefaassen, waat mer als hackerspace ubidden wëllen, wieren also Raïmlechkeeten & Infrastrukturen fier gemeinsam un innovativen an flotten projet'en ze schaffen.
!!! Et sierf awer kloer gesoot, dass den hackerspace sech net als crèche oder Jugendhaus geseit, mee eischter als en Treff wou Gleichgesënnter sech frei austauschen kënnen.
-----------------------------------

S9
Mee nierwt den eegene Projet'en soll den hackerspace och aaneren lokaalen an nationaalen Clibb d'Geleegenheet ginn, sech duerch Aktivitéiten oder konkret Bastlereien am hackerspace ze bedeelegen. Sou enstinn oftmool interessant échang'en zu aaneren Associatiounen, dei d'Iddi vum hackerspace weiderliewen loossen.
-----------------------------------

S10
Am Moment hu mer schons e puer sou Synergien fonnt, ënnert aanerem mat dem Chaos Computer Club Lëtzebuerg, dem LiLux Club, der Apple User Group Lëtzebuerg seeds, mee awer och bei nationalen Institutiounen, wei dem LTEtt, wou mer regelmeisseg fier atelier'en higinn oder CASES, wou mer als onoofhängegen Sécherheetsberooder stinn.
-----------------------------------

S11
Nach fier oofzeschléissen eng kleng Perspektiiv, wei mier den hackerspace geingen gesinn. Zeitlech as daat hei natirlech en Beispill, mee sou keint d'Opdeelung vum hackerspace herno ausgesinn...dier erkennt hei, dass all Club seng Zeit huet, wou en iwert den hackerspace verfügen kann, mee mier awer och eis eegen workshops oofhaalen. Et sierf bemierkt, dass zu all Zeit ëmmer een vum syn2cat op der Plaatz ass, fier den hackerspace op an och zouzespären; keen Club ass sech selwer iwerloos!
-----------------------------------

S12
Sou, mier soen iech Merci fier d'Opmierksamkeet an hoffen iech alles kloer erklärt ze hunn...sollt dier lo nach Froen hun, dann sti mier gären Ried an Äntwert...

-----------------------------------

Diskussioun

Oppe Froen

Wei huet d'Gemeng sech eis Präsenz fiergestallt?
Wei eng Konditiounen sin un d'Bezéien gestréckt (Loyer, Käschten,...)?
Ass de Container 24h/24h accessible? Ass een Alarmsystem dran?
Weini ass d'Plaatz disponibel?
Wei eng Raim kënnen mer huelen?
Wei ass et mat de Schlësselen? Daerfe mer eis eegen Schlësselen ubrengen?
Wat dierfe mer veränneren, waat net?
Wei kreien mer Internet an de Container?